
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Le Ministre des Communications
et des Médias

**Äntwert vum Här Xavier Bettel, Kommunikatiouns- a Medieminister a vum Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro N° 5867 vum 3ten Mäerz 2022 vun den Hären Deputéierten Laurent Mosar a Serge Wilmes zum Sujet "Suspension de la chaîne Russia Today"**

Op Nofro hin weist POST Lëtzebuerg dorobber hin, dass se hir Clienten um Kanal 171 informéiert dass se de Sender "RT – Russia Today" aus der Offer u Programmen op POST TV rausgeholl huet.




Screenshot vu POST TV

An deem Programmhiweis gëtt erkläert, datt di Mesure fir de Sender net méi op POST TV ze diffuséieren op enger Decisioun vun der Europäescher Kommissioun baséiert an no Récksprooch mat den zoustännegen nationalen Autoritéite geholl gouf. Domadder sinn d'Clientë vu Post TV transparent an ausféierlech informéiert.

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2022

De Kommunikatiouns- a Medieminister

(s.) Xavier Bettel